CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le
16 DEC. 2019
1603

PIRATEN

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. Dezember 2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den delegéierte Minister fir Verdeedegung weiderzeleeden.

Wéi den delegéierte Minister fir d'Verdeedegung an der Chamberssëtzung vum 3. Dezember 2019 präziséiert huet, gëtt et innerhalb vun der lëtzebuerger Arméi e Rotatiounsprinzip. Dësen Prinzip beseet, datt Beamtinnen a Beamten, no enger gewësser Zäit op der selwechter Platz, op eng aner Platz affektéiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem delegéierte Minister dës Froe stellen:

1. Här Minister, wéi oft ass dëse Rotatiounsprinzip, opgeschlësselt no de Carrièren an op déi lescht fënnef Joer ugewandt ginn ?

2. Duerch wéi eng gesetzlech Basis ass dëse Rotatiounsprinzip gereegelt?

3. Wat geschitt, Här Minister, am Fall, wou eng Beamtin oder e Beamten de Rotatiounsprinzip unzweiwelt an net bereet ass op eng aner Plaatz affektéiert ze ginn ? Zitt esou esou eng Reaktioun e « Refus d'Ordre » no sech ?

4. Här Minister, wéi oft gouf an de leschte fënnef Joer, gestaffelt no de Carrièren, e « Refus d'ordre » ausgesprach ?

Mat déiwem Respekt

Marc Goergen
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires etrangères
et europeennes

Direction de la Defense

Luxembourg, le 13 JAN. 2020

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
13 JAN 2020

Dossier suivi par:
[redacted]
Tél.: 247-[redacted]
E-mail: [redacted]@def.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

L-2450 LUXEMBOURG

Objet : Question parlementaire n°1603

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de mes sentiments très distingués.

Henri KOX
Ministre délégué à la Défense

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
13 JAN 2020

Réponse de Monsieur le Ministre délégué à la Défense à la question No 1603 du 13 décembre 2019 de l'honorable Député Marc Goergen

Generell Bemierkungen zum Rotatiounsprinzip an der Lëtzebuerger Arméi:

D'Lëtzebuerger Arméi applizéiert e Rotatiounsprinzip deem säin Zil et ass de Militär z'erlabe wärend hirer ganzer Karriär kontinuéierlech z'evoluéieren an eng verdéiften Erfarung an de verschiddene militäresche Beräicher z'erlaangen. Des Weideren erméiglecht de Rotatiounsprinzip dem Militär an der Militärhierarchie ze progresséieren, besonnesch fir den Iwwergang vum « niveau général » an de « niveau supérieur » sou wéi fir den Accès op d' « postes à responsabilité particulière ». Och d'Pensiounsofgäng oder aner Forme vun Ofgäng maachen de Rotatiounsprinzip noutwendeg fir déi néideg Remplacementer duerchzeféieren.

De Rotatiounsprinzip gëtt ob Basis vun engem « changement d'affectation » duerchgefouert an d'Rotatioune fannen am Prinzip no dräi bis fënnef Joer statt. Dës Dauer erlaabt et dem Militär dee neie Posten an déi dozou gehéireg Aufgabe kennen ze léieren, ëmzesetzen, weider ze féieren a nei perséinlech Erfarungen z'erlaangen déi him et erlaben sech fir déi nächst Etapp vu senger Karriär weider z'entwéckelen.

Sou ee Rotatiounsprinzip gëllt an alle alliéierten Arméien a sinn eng Viraussetzung fir hir militäresch Operationalitéit.

Zur Fro 1 :

Eng Analys vum Zäitraum 2015 bis 2019 weist dass am Laf vun engem Kalennerjoer ongefeier 20% vum Personal an de verschiddene Militärkarriäre vun engem « changement d'affection » an/oder « changement d'emploi » betraff ass. D'Opschlësselung vun dëse Changementer pro Karriär am Zäitraum 2015-19 presentéiert sech folgendermoossen:

- Offizéier (totalen Effektiv 2019: 74): tëscht 12 a 19 Changementer pro Joer;
- Ënner-Offizéier (totalen Effektiv 2019: 194): tëscht 30 a 55 Changementer pro Joer;
- Kapereel (totalen Effektiv 2019: 60): tëscht 7 a 12 Changementer pro Joer.

Dës Chiffere spigele just d'Situatioun vum *personnel militaire de carrière de l'Armée proprement dite* erëm a berécksiichtegen net eenzel spezialiséiert Kategorie vum Personal (kommissionéiert Offizéier ; Ënneroffizéier vun der Militärmusik; Zivilpersonal), déi méi een niddrege Rotatiounstaux hunn.

Zur Fro 2 :

De Rotatiounsprinzip gëtt applizéiert op Basis vum Artikel 12 vum Organisatiounsgesetz vun der Arméi (loi modifiée du 23 juillet 1952 concernant l'organisation de l'armée), dee seet : «*[l]'affectation ou le changement d'affectation des officiers est faite par le Grand-Duc. Pour ce qui est des sous-officiers et des caporaux le ministre est compétent* ». Procédure ass am *régime juridique* vum *changement d'affectation virgesinn,* am Artikel 6 vum Staatsbeamtestatut (loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'Etat), dee verfüügt dass :

> *«1. Au moment de la nomination l'autorité investie du pouvoir de nomination affecte le fonctionnaire dans une administration ou un service déterminé, avec indication de la fonction dont il est investi.*
>
> *2. Le fonctionnaire peut faire l'objet d'un changement d'affectation, avec ou sans changement de résidence. Par changement d'affectation il y a lieu d'entendre l'assignation au fonctionnaire d'un autre emploi correspondant à la fonction dont il est investi au sein de son administration.*